adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
22 MARS 2019
541

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Mäerz 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Justizminister weiderzeleeden.

Aktuell gëtt an der Chamber un enger Reform vum Jugendschutzgesetz geschafft.

An deem Kontext wéilt ech dem Här Minister gär folgend Froe stellen:

1. Kann den Här Justizminister soen, wéi vill Mannerjäreger „placéiert" ginn, dat heescht aus hirer Famill erausgeholl, fir si an eng staatlech Institutioun oder eng „Fleegefamill" ze placéieren? Kann den Här Minister dëst an engem zäitleche Kader präziséieren? Wéi gesäit d'Evolutioun vun dëser Zuel iwwert d'Zäit aus?
2. Gëtt et iergendwellech „qualitativ" Statistiken doriwwer, firwat Kanner placéiert ginn?
3. Wann esou eng Decisioun bis geholl ass, bei där e Mannerjärege placéiert gëtt, wéi gesäit dann de weidere Verlaf an der Praxis aus?
4. Ginn déi betraffe Kanner ofgeholl oder féieren d'Eltere si selwer op déi Plaz, déi fir d'Kanner bestëmmt gouf?
5. Stëmmt dat, datt a ville Fäll Polizisten déi betraffe Kanner op Uerder vum Parquet ofgeholl hunn – sief dat doheem, an der Schoul oder bei Frënn? Kann den Här Justizminister soen, a wéi vill Fäll déi betraffe Kanner esou vun der Police ofgeholl goufen? Sinn déi Polizisten an Zivil oder sinn dat arméiert Polizisten an Uniform?
6. Stëmmt et, datt d'Madame Familljeminister an den Här Educatiounsminister bei lech als zoustännege Justizminister intervenéiert hunn, fir déi Praxis ze stoppen?
7. Firwat gëtt dës Praxis nach ëmmer weider ausgefouert?

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique

8. Wousst den Här Justizminister, datt déi Praxis vun deenen, déi sech um Terrain fir d'Rechter vun de Kanner asetzen, z.B. vum Ombudscomité vun de Rechter vum Kand (ORK), als „eng institutionaliséiert Mësshandlung" bezeechent gëtt?

9. Huet den Här Justizminister wëlles – nodeem déi Fäll bekannt goufen – de Parquet unzeweisen, an Zukunft d'Ofhuele vun de Mannerjärege méi human ze gestalten?

Mat déiwem Respekt,



Roy Reding
Deputéierten